Letzebuerg, den 6. September 1987

Leiw Elteren a Familjien vun onsen
ongleckleche Komerodinnen a Komeroden
dénen mir haut gedénken,
dir Dammen an dir Hären
Wärt Frënn a Sympatisanten vun der edf,
Komerodinnen a Komeroden,

Mir feieren haut
45e Anniversaire vun den eischten Zivillen a Militäreschen Deportatiounen.

En trauregen Anniversaire, wé et der esovill gin fir dei geaffert Generatioun zesummen mat hiren Elteren a Familjien, Beschützer a Verdédeger, an dei, dei hir Gesondhét an d'Liewen hu missen afferen.

Awer och e stolzen Anniversaire, op dén ons Hémecht hofferech ka sin. Well, wann op déer enger Seit de Gauleiter den 30. August 1942 d'Letzebuerger, dei sech geint d'Nazifizéere gewiert hun, an d'Knie wollt zwéngen, andem sia Jonktem op de Schluechtfelder verbludde sollt; eso hun awer op déer anerer Seit dess Letzebuerger genau eso kloer geäntwert, mam Generalstreik, nén zu deser Verordnung gesot a sech virun seng Jonge gestalt.

Bluddeg gow dese Streik zesumme geschloen. Dei eischt Letzebuerger hu mat hirem Liewen hir Haltung bezuehlt, aner gowen verschléft an a Kazetter a Prisongen agespart, 149 letzebuerger Familjien vun September bis Oktober 1942 no Leubus a Schlesien emgesiedelt.

An du koum dée schlëmme Sonndeg, den 18. Oktober 1942. 2.000 letzebuerger Jongen gin an dei "nationalsozialistesch Wehrmacht" verschléeft. Wë Verbriecher ëmstallt a schaarf bewaacht vun Wehrmachtszaldoten, Polizei a Gestapo gi se fortgefo'ert.

Domadden hat de grosse Calvaire vum démolege letzebuerger Jonktem ugefangen.

A mat hinnen hu vill Familjien a Frënn gelidden, gestridden, si gestuerwen a gowen ermuerd.

./..

Awer och heimadden ass eréscht richteg d'Hemechtsleiwt enstanen. Eréscht richteg kloer gin wat d'Natioun Letzebuerg war. Wat et richteg héscht fir sei Land ze streiden, sech anzesetzen, ze leiden, Hab a Gud ze riské'eren, sech ze afferen a schliesslech sei Liewen ze gin.

Mat dausende gin dei gezielt, dei dée Wée gange sin.

Awer net emsoss: Letzebuerg gow nés frei, als Natioun ge'eiert, konnt a Fridden a Onofhängegkéet sech entfalen an als geént Volleck liewen. Dat hu mir all dese gudde Letzebuerger ze verdanken.

An déne gedenke mir haut. U sie erönnere mir haut an aller Oeffentlechkéet. Mir weisen haut hei, dass mir sie net vergiess hun. Mir dei d'Chance haten ze iwerliewen; wé och dei, dei ennert ons sin an des schrecklech Zeit net mat erliewt hun.

Et ass ons Aufgab an onsem Engagement dofir ze suergen, dass sie net vergiess gin. Awer och dei Jënger a kommend Generatiounen dierfen net vergiessen dass et émol Letzebuerger gow, dei beréet waren alles ze afferen fir dass hir Hémecht weider bestoe soll. Dass et Letzebuerger gow, déne sie ze verdanken hun, dass sie haut a muer als fréi Letzebuerger Bierger an engem onofhängege Land liewe kennen.

A jidder Letzebuerger, op Man oder Fra, op reich oder arm, op politesch engage'ert oder net, muss et mat séngem Gewëssen an d'Rei machen ob hien émol am Joer sech d'Zeit helt, oder net, fir sech un dei ze erönneren dénen hien seng Freihéet ze verdanken huet. Op e sech Zeit helt fir an der Oeffentlechkéet ze weisen, dass en dei respekteiert dei d'Hemechtsleiwt mei hech gesat haten wei hirt égent Liewen. Dass hien mindestens émol öffentlech bekennt, dass och sei Merci un dei géet, dei gestuerwe sin fir dass e freit letzebuerger Volleck weider bestoe kont.

Haut hu mir, dei Rescapeiert, ons Pflicht an déem Sën gemat. Onst Verspriechen ageleist, genau wei an de vergangene Joeren. A mat ons vill Frënn a Bekannten. Hinnen all soe mir en déwen a wärmste Merci.

./..

Mir fillen eis gee'ert, dass den Här Léon BOLLENDORF, 1te Bierger vum Land a Chamberpresidänt och dest Joer sech hei mat ons virum Affer vun onsen morts pour la Patrie verneigt.

Och ons Herrscherhaus ennerstreicht duercht hir Vertriedung, de Colonel honoraire a Chambellan vum Grand Duc, de Komerod Germain FRANTZ, dass d'Undenken an d'E'erung vun onse Kriegs- an Naziaffer net an de Vergiess dierf kommen.

E spezielle Merci un den Här Minister Jean SPAUTZ, dén trotz séngе villen Engagementer drop gehalen huet, och dest Joer hei bei eis ze sin, an als Vertrieder vun der jëngerer Generatioun, mat ons dei e'ert dei fir ons Freiheit an Onofhängegkeet gelidden hun a gestuerwe sin.

De selwechte Merci géet och un all dei Hären a Komeroden Députeiert dei sech Zeit huelen fir un deser nationaler Commémoratiounsfeier délzehuelen. Domadde weise sie d'Wertaschätzung dei sie de Geafferten vun der Natioun zoukommelossen.

Merci och de staatlechen a gemengen Autoriteiten, hire Vertrieder dei duerch hir Présenz hir Sympathie fir d'edf ausdrécken a virun allem weisen, dass sie d'E'erung vun dénen dei fir d'Hemecht gestuerwe sin hech halen.

E wärmste Merci awer och all onse Frën aus der Resistence dei hei bei ons sin. Vill vun hire Beschten sin net mei ennert ons. Och hinne sollen haut eis Gedanke göllen, wei mir och hei welle weisen, dass dei Solidariteit dei a schwe'erster Zeit gebuere gow, haut weider bestéet. Eso wei démols all dei daper Letzebuerger sech virun hir Medercher a Jongen gestalt hun, eso stin dei selwecht och haut nach zu hinnen.

Merci awer och all dénen, dei mathöllefen des wierdeg Ceremonien ze realiseieren. De Gëschtlechen a Komeroden, der Garnisounsmusek ennert der Léedong vun edf Josy COMES; dem Clairon d'honneur Johny SCHMIDT, der Chorale vun den edf, der Gendarmerie, der Polizei an der Press.

Gewöss fehlen der vill dei och haut hei misste sin. Muncheréen ass wirklech verhönnert, aner fanne licht eng Entschöllegong fir net brauchen hei ze sin.

./..

Awer

Dir Dammen an dir Hären,

Vill vun dénen, dei ohni Rücksicht op hirt ége Liewen, alles fir d'Hemecht gewot hun, hätten och kennen eng Entschöllegong fannen fir sech lanscht hiren Engagement ze drécken. Sie hun et net gemat. An aus Respeckt virun desem Géscht, dén d'Hemechtsléwt iwert alles gesat huet, hu dir all wei dir hei stitt och keng Entschöllegung gölle geloss a weisst duercht är Präsenz, dei hech Aschätzung dei dir dese beschte Letzebuerger entgéngt bréngt.

All wei mir hei stinn hun onse Kanner, Geschwester, Fra, Man, Mamm a Papp, Komerodin a Komerod, dei hirt Liewen fir d'Hémecht gin hun, bewiesen, dass mir sie net vergiess hun. An esou lang mir liewen, soll d'Undenken un hiren Affer och net duercht ons an de Vergiess geroden. Dat ass de Sënn an den Zweck vun der Journée Commémorative vun den edf.

Luxembourg, 6 septembre 1987

Chers Amis malgré-nous et sympatisans,

Au nom des edf luxembourgeois, leurs amis et sympatisans je tiens à vous remercier très sincèrement pour votre participation à notre Journée Commémorative.

Par votre présence vous avez rappelé et souligné les liens d'amitié qui unissent les victimes du nazisme, enrôlés de force, au delà des frontières, ayant souffert sous un même oppresseur.

Que nos efforts communs s'unissent, pour contribuer à ce que le calvaire que nos générations ont dû subir ne se reproduise plus et que les générations montantes peuvent se développer dans la paix et la liberté.

Ce ne sera que dans cette optique que le sacrifice de nos "Morts pour la Patrie", dont nous commémorons aujourd'hui le souvenir, sera récompensé.